













SÉCHERHEITSREGELN AM STROOSSEVERKÉIER MAM TRAM

CORPS GRAND-DUCAL D'INCENDIE ET DE SECOURS



D'Benotze vun der Plattform vum Tram ass grondsätzlech erlaabt fir d'Rettungsdéngschter. Allerdéngs mussen dobäi eng Rei Voraussetzungen erfüllt sinn, déi de Code de la Route (Art. 104. 2. a) vir gëtt:

- et muss een am **“Service urgent”** ënnerwee sinn;
- den Asaz setzt de **“Service urgent”** viraus;
- ënner allen Ëmstänn muss **d'Sécherheet** vun der Circulatioun/dem Trafic garantéiert bliwen.

20 km/h	 	Sec 8 m ; Humide 9 m
	 	FU 10 m ; FMS 18 m
40 km/h	 	Sec 20 m ; Humide 24 m
	 	FU 27 m FMS 61 m
70 km/h	 	Sec 45,5 m Humide 57,75 m
	 	FU 74 m FMS 174 m

FU = Frein d'urgence / FMS = Freinage maximum de service

- Natierlech spillt d'**Reesgeschwindegkeet** vum Tram a Saache **Bremswee** och eng wichteg Roll. Dës Geschwindegkeet **variéiert** op deene verschiddenen Abschnitter vum Trajet.
- Muss den Tram staark bremsen oder souguer eng **Noutbremsung** maachen, bréngt dat fir d'**Passagéier** d'Gefor mat sech, dass si **falen** a sech méiglecherweis **blesséieren** kënnen.
- **An den Haltestellen** muss domat gerechent ginn, dass **Leit iwuer d'Plattform ginn** fir vun der enger op déi aner Säit ze kommen, och wann en Tram am Arrêt hält. Dee Moment **gesäit een dës Leit eréischt ganz spéit**.
- Den **Tram** huet eng **Breet** vun **2,65 m** an op dës Breet hin gouf d'Plattform ausgeluecht. Zemools mat méi **grousse Gefierer** besteet deemno d'Gefor vu **Beschiedegungen** bedéngt duerch e **Kontakt mam Tram** op der enger Säit, resp. mat **Begrenzungselementer** (Bordüren, Gelänner asw.) op der anerer Säit.
- Den **Tram fiert** am Prinzip am **“Rietsverkéier”**, also d'nämmlecht wéi den normale Stroosseverkéier. Kënnt et allerdéngs zu **Stéierungen op der Streck**, kann et och sinn, dass dee **Prinzip net onbedéngt agehale** gëtt.
- Op der Plattform gi regelméisseg **Entretienaarbechten** gemaach. Et muss also och ausserhalb vun den Haltestelle mat **Leit a Maschinnen/Gefierer op der Plattform** gerechent ginn.

Nieft de legale Constraints, déi respektéiert musse ginn, gëllt et ausserdeem nach op méi spezifesch Geforen am direkten Zesammenhang mam Tram opzepassen:

- **Net all Abschnitt** vun der Tramsstreck **ka befuer ginn**. Nieft Tronçonnen déi am Pawee realiséiert goufen, gëtt et och begréngten Deelstécker.
- Den Tram huet am Verglach zu Stroossegefierer **e laange Bremswee**, deen duerch **Wiederflëss** (z.B. Reen oder Schnéi) nach zousätzlech **verlängert** ka ginn.



Beispill vun engem begréngten Tronçon = **NET BEFUERBAR**



Beispill vun engem befestegten Tronçon = **BEFUERBAR**

WICHTEG:

- **Et duerf nëmmen an deene Fäll op der Plattform gefuer ginn, déi am Code de la Route virgesi sinn.**
- **Sollt den Asaz et erfuerderen, dass een oder méi Gefierer op der Plattform mussen ofgestallt ginn, muss den Tramverkéier schnellst méiglech gestoppt ginn. De CSU 112 ass dofir esou séier wéi méiglech ze informéiere fir Kontakt mat der Leetstelle vu Luxtram opzehuelen.**
- **D'Benotze vun der Plattform muss op de strikte Minimum begrenzt ginn.**
- **Déi begréngten Abschnitter vun der Tramslinn duerfen op kee Fall benotzt ginn. Hei besteet d'Gefor, dass een hänke bleift.**
- **Et duerf keng Gefor fir keng vun den implizéierte Persounen (Patienten, Passagéier, Personal, Foussgänger asw.) entsto.**
- **D'Responsabilitéit fir d'Benotze vun der Plattform vum Tram läit beim Chauffeur vum Asazgefiere.**